pétange
MOTIVATION COMMUNE

# MENG GEMENG

LE MAGAZINE DE LA COMMUNE DE PÉTANGE

avril / mai 2021



La nature se réveille – enfin!



# 4 PEAU NEUVE POUR LES TERRAINS DE TENNIS

*Le 23 novembre de l'année passée, le conseil communal de Pétange a voté le devis de 640.000€ concernant les travaux à accomplir sur le site des terrains de tennis en plein air situé sur la route de Linger.*



# 7 BESSERES WETTER IN SICHT?

*Das weiß Henri Nilles, denn Wetterkapriolen sind seine Leidenschaft, seit jeher. Und er wird nicht müde, über sein Hobby zu erzählen. Im Jahre 2010 fing der Gründer von „Meteobridel" damit an, Prognosen...*


> *Impressum*

**Éditeur :**
Administration communale de Pétange
B.P. 23 / L-4701 Pétange
Tél.: 50 12 51-1000
Fax: 50 12 51-2000
www.petange.lu
commune@petange.lu

**Réalisation :**
Espace-Médias S.A.

**Comité de rédaction :**
Pia Hansel, Jean-Paul Oms

**Photos:**
Service Culture et Communications de la commune de Pétange, KaGePe, Alex Goedert, Télévie Rodange, Claude Piscitelli.

**Imprimeur :**
Imprimerie Heintz, Pétange

„Meng Gemeng", imprimé sur du papier 100% recyclé, paraît 6 fois par an.

La revue est distribuée gratuitement à tous les ménages de la commune de Pétange.

**Édition :**
Avril/Mai 2021

ISSN 1993-0070


## SOMMAIRE


| | |
|---|---|
| 2 | *Haaptthemen* |
| 3 | *Editorial* |
| 4 | *Peau neuve pour les terrains de tennis* |
| 5 | *Le talus renforcé, plus de sécurité* |
| 6 | *Esch 2022 – Kultur am Mëttelpunkt* |
| 7 | *Besseres Wetter in Sicht?* |
| 8 | *Agenda* |
| 9-12 | *Wat war lass ?* |
| 13-15 | *D'Gemeng informéiert* |
| 16 | *Eis Beem hu Charakter! Nos arbres ont du caractère!* |

# E KLENGE LIICHT –
## BLÉCK AN AUSSIICHT



*Loosse mir also hoffen, datt no den Entbierungen eng nei Phas antrëtt, wou duerch d'Impfungen d'Dire lues opginn.*

Déi sanitär Kris bestëmmt nach ëmmer eisen Alldag. De Covid-Virus mat all senge Mutatioune wäert leider net vun haut op muer verschwannen, an ëmsou méi musse mir léieren, mat der Situatioun fäerdeg ze ginn.

Ma d'Zäit fänkt un, de Bierger a Biergerinnen hei zu Lëtzebuerg an och a villen anere Länner ronderëm d'Welt laang ze ginn. Kee Besuch am Restaurant, kee Patt mat Kollegen am Café, keng Reesen – obwuel een dat jo éischter als Luxus ka betruechten -, ganz wéineg Kulturveranstaltungen, keng Zuschauer bei Matcher op den Terrainen oder an den Halen, asw. D'Gefill vun "et geet elo duer" sickert lues a lues duerch, well dobaussen ass et roueg ginn, ze roueg. Et ass eng Stëll, déi och eng gewësse Melancholie an sech dréit, well jidderee weess, datt net just d'Fräizäit ma och d'Privatliewe betraff ass mat all sengen trauregen Niewewierkungen.

An dach, et schéngt biergop ze goen. D'Fréijoer an de Summer sti virun der Dir, an e klenge Liichtbléck schéngt duerch. Ouni wëllen d'Iddi vun der grousser Fräiheet ze bremsen, a wann elo zu Lëtzebuerg d'Impfungen amgaang sinn, déi jo dozou bäidroe sollen, datt a ville Beräicher vum Liewen nees e Stéck Normalitéit komme kéint, esou musse mir alleguer oppassen, datt mir dee Wee mat Verstand ginn an ouni virun de Won ze sprangen.

An der Tëschenzäit muss een awer net um Canapé sëtze bleiwen a Fernseh kucken oder um PC klimperen. Firwat net vun de Fräizäitaktivitéiten an der frëscher Loft profitéieren? E Spadséiergang iwwer de Giele Botter oder duerch de Fond-de-Gras ass net nëmme fir d'Gesondheet gutt, mee en hält an engems fit. A weem dat ze lues ass, dee ka jo duerch d'Natur joggen an de Fitnessparcours ausprobéieren. D'Boulenterraine sti jo och zur Verfügung – natierlech mat der néideger Distanz. Dëst si just e puer Aktiviéiten, déi fir jiddereen opstinn.

A wann tatsächlech d'Méiglechkeet antrëtt, datt ee kann op eng Terrass sëtze goen, ma da fillt dat sech dach schonn e wéineg ewéi eng kleng Vakanz un. Loosse mir also hoffen, datt no den Entbierungen eng nei Phas antrëtt, wou duerch d'Impfungen d'Dire lues opginn. Et wier wënschenswäert – fir jiddereen!.

**De Schäfferot**

# PEAU NEUVE POUR LES TERRAINS DE TENNIS

*Le 23 novembre de l'année passée, le conseil communal de Pétange a voté le devis de 640.000€ concernant les travaux à accomplir sur le site des terrains de tennis en plein air situé sur la route de Linger.*

Selon la description des tâches, les points suivants seront réalisés:


1. Installation des drainages et de l'arrosage des 5 terrains;
2. Réalisation d'une rigole pour le drainage;
3. Pose d'une couche de drainage de 20 cm;
4. Pose d'une gaine pour arrosage au niveau du parking et installation d'une armoire de distribution au bâtiment;
5. Pose d'un enrobé drainant suivi par la pose du gazon synthétique;
6. Montage de la clôture.

Ces travaux devraient se terminer au cours des mois d'avril ou de mai. Cependant, les travaux ne peuvent se réaliser que lorsque les conditions météorologiques le permettent, c.-à-d. si les températures sont au-delà des 6°C et s'il n'y a pas de précipitations.





# LE TALUS RENFORCÉ, PLUS DE SÉCURITÉ



*Un des grands projets de construction à Rodange, ce sont certainement les travaux au et autour du terrain de football Jos Philippart où une nouvelle tribune avec vestiaires mais également un nouveau parking couvert changeront l'aspect général du site.*

Avant cela, et sur recommandation des experts, le talus derrière le but où deux grandes résidences furent construites ces dernières années dans la rue du Clopp doit être renforcé afin de garantir la sécurité des spectateurs mais aussi des bâtiments en question. Voilà pourquoi des gradins en béton seront intégrées dans le talus selon le planning suivant :

1. Travaux de béton jusqu'à la mi-avril
2. Gros-œuvres des gradins terminés pour la fin avril
3. Restauration de la pelouse avec ensemencement et culture
4. Réfection des sols et soutènements existants (alentours sud du terrain)
5. Pose des sièges, du filet par balle et des garde-corps

Tous ces travaux devraient être complétés au cours des mois d'avril jusqu'à la fin juillet. Au courant du mois d'août, le terrain de football pourrait être libéré pour les matchs.



# ESCH 2022 – KULTUR AM MËTTELPUNKT

*Am Joer 1985 gouf d'Iddi vun der europäescher Kulturhaaptstad vun der griechescher Kulturministerin Melina Mercouri an d'Liewe geruff an zënter 2004 sinn et je 2 Stied, déi fir ee Joer dësen Titel droen. An d'nächst Joer wäerten Esch, Kaunas (Litauen) an och Novi Sad (Serbien), dat awer net an der EU ass, un der Rei sinn.*




## FIRWAT ENG EU-KULTUR-HAAPTSTAD?

Den Hannergedanke vun der europäescher Kulturhaaptstad war deen, déi ganz divers a räich Kultur aus ganz Europa emol eng Kéier an de Mëttelpunkt ze stellen an ze weisen, wat déi eenzel Stied oder Regiounen alles ze bidden hu wat ee soss net esou kéint kenneléieren. Duerch dëse Fokus sollt awer och e wirtschaftlechen Opschwong erreecht ginn duerch potentiell Gäscht aus dem In- an Ausland, an dat net just am Laf vun engem Joer.

Esch 2022, dat ass eng ganz Regioun, déi dovunner „betraff" ass. D'Leit sollen ermontert ginn, hir Stad, hiirt Duerf, hir Regioun ze schätzen a matzeschaffe esou datt d'Strategie hanner der Kulturhaaptstad och wäit iwwer d'Joer ewech geet.

De Minett soll no baussen e bessert Image kréien. Dofir ginn d'Bierger a Biergerinnen grad esou wéi kulturell a politisch Acteuren an de Prozess integréiert. Kultur soll hei fir jiddereen zougänglech sinn.

## DÉI PÉITENGER PROJETEN

Esch 2022, dat sinn 140 verschidde Projeten, déi vun alle Gemengen eragereecht goufen an elo sollen ëmgesat ginn.

D'Gemeng Péiteng huet am Februar 2020 eng „cellule de coordination" mam Roland Breyer un der Spëtz opgestallt fir déi lokal Projeten ze koordinéieren. 8 Projete goufen eragereecht, dovunner sinn der 2 zeréckbehale ginn. Dat sinn:

- Eng europäesch Kavalkad, déi de 27. Mäerz 2022 stattfënnt;
- De Meeting vun der FECC vum 22.-29. Mee 2022, wou d'Memberstied invitéiert ginn, eng Woch hei ze verbréngen a wou si en Abléck kréien an d'Kulturwelt vun de Südgemengen.

Et goufen awer och eng Rei individuell Projeten eragereecht. 4 dovunner gi vun der Gemeng Péiteng an deelweis och vun der Gemeng Déifferdeng ënnerstëtzt. Dat sinn:

- 1001 Tonnen mam Thema „Wëllen Offall" vum Jessica Theis;
- „Hidden sessions" – vun Event Lab; dat si Concerten, wou d'Leit Billjeeë kafen, awer eréischt kuerz virum Ufank gesot kréien, wou et ass;
- „Déi Wëll danzen am Bësch" vum Aramelo, wou mat de Schoulkanner zesummen un Akrobatien, Dänz avm geschafft gëtt;
- „Hum" en akustesche Parcours, opgestallt vum François Martig, wou Geräischer iwwer de GSM kënne gelauschtert ginn.

Och wann de Jury fir Esch2022 net all Projet ugeholl huet, esou ass awer schonn ugeklongen, datt déi Péitenger Gemeng all Projet, deen iwwer de Koordinator un d'Jury erugedroe gouf, ëmsetze wëll.

Just e klengen Tipp: de Wandjang kënnt bestëmmt! Wouhin? Do loosse mir eis iwwerraschen...

# BESSERES WETTER IN SICHT?

*Das weiß Henri Nilles, denn Wetterkapriolen sind seine Leidenschaft, seit jeher. Und er wird nicht müde, über sein Hobby zu erzählen. Im Jahre 2010 fing der Gründer von „Meteobridel" damit an, Prognosen für den Streudienst der Gemeinde Kopstal zur Verfügung zu stellen.*



ADoch damit nicht genug, er wollte seine Erkenntnisse mit vielen Menschen teilen und erweiterte sein Netz auf den Süden des Landes, wo vor anderthalb Monaten eine Station neben dem „Audeo" in Lamadelaine angebracht wurde.
Zur Kalibrierung resp. Verbesserung der von seiner Station erfassten Daten greift der Hobby-Meteorologist u.a. auf Wetterkarten aus Deutschland oder der Schweiz zurück, welche mit seinen Computerprogrammen kompatibel sind.

### DIE EINZELTEILE

Die Messergebnisse werden anhand einer Kombination verschiedener Messgeräte erstellt. Welche Sensoren befinden sich in einer Station?

1. Der Regenmesser ist ein Behälter mit einer gewissen Auffangfläche, in dem der Niederschlag aufgefangen wird. Die Menge des Niederschlags wird im Nachhinein auf einen Quadratmeter hochgerechnet. Der Behälter ist durch eine kleine Heizung für die Winterverhältnisse geschützt.
2. Die Messung der Luftfeuchtigkeit und der Temperatur: wird gemäß den Vorgaben des deutschen Wetterdienstes immer in 2 Meter Höhe gemessen. Dabei strömt Luft durch die an der Station angebrachten weißen Lamellen, die mit einem Sensor verknüpft sind. Dieser berechnet dann die Feuchtigkeit beim Luftdurchfluss. So kann auch die Lufttemperatur gemessen werden.
3. Der Barometer misst den Luftdruck, welcher im Innenraum des Audeo auf einer Konsole angezeigt wird. Die im Außenbereich gesammelten Daten werden anschließend an den Empfänger weitergeleitet.
4. Der Temperaturfühler – 5cm über dem Boden angebracht – dient dazu, Wetterhinweise zu geben und so z.B. Streudienste oder Feuerwehr über mögliche Auswirkungen zu warnen.
5. Der Anemometer wird zur lokalen Messung der Windgeschwindigkeit sowie der Windrichtung benutzt. Dieser sollte idealerweise in einer Höhe von 10m angebracht werden um relativ genaue Daten zu ermitteln.

Über W-Lan werden die von den Messgeräten gesammelten Werte auf eine Konsole übertragen und gespeichert. Der von Henri Nilles mit einer spezifischen Software ausgestattete Computer übernimmt die Auswertung zur Wettervorhersage und überträgt dies. Doch auch in Zeiten der Digitalisierung kontrolliert Henri Nilles alles noch einmal per Hand. Anschließend werden die Informationen auf der benutzerfreundlichen Webpage www.meteobridel.lu veröffentlicht.
Auskünfte erteilt Henri Nilles per E-mail (info@meteobridel.lu) oder per Telefon (661280967).

## 7/4 et 5/5
### Marché mensuel
Pétange – place du Marché
De 8h00 à 13h00
Org. : Association des professionnels des foires et marchés asbl

## PABEIERSAMMLUNG



Vu moies fréi bis nomëttes
Nëmme Päck ënner 10kg gi matgeholl!
D'Päck oder d'Kartongskëschten dierfen och net a Plastikstuten ageweckelt sinn!
**Den 10.4., 1.5. a 5.6. zu Péiteng**
**Den 8.5. zu Rodange**
**an zu Lamadelaine**
Org.: Guiden a Scoute vu Péiteng a vu Rodange/Lamadelaine

## 18/4
### Assemblée générale
Rodange – Centre culturel (avenue Dr Gaasch)
Début : 16h00
Entrée libre
Org. : Foi et Lumière Minette

## 21/4
### Assemblée générale
Pétange – Maison de la Culture « A Rousen »
Début : 19h00
Entrée libre
Org : La Courageuse Pétange

## 24/4
### FLTT Cup Finals
Rodange – Sportshal (rue Jos. Moscardo)
Début : 16h00
Coupe de Luxembourg Seniors et Dames
Entrée libre
Org. : DT Kordall 95

## 29/5 – 30/5
### Brocante
Pétange – place J.F. Kennedy
De 9h00 à 18h00
Infos et réservations par tél. : +352 691 133 643
Org. : Homework

## BICHERBUS 26.4. A 17.5.2021

Péiteng beim Schoulgebai *An Éigent*
rue Mathias Adam
Vun 10.45 bis 11.35 Auer

Rodange bei der *Sportshal*
rue Jos. Moscardo
Vun 13.15 bis 14.15 Auer




Gratis Bicher, Audio-Bicher an DVDe léinen.

Info iwwer Tel.: 80 30 81 (Romain Kayser) oder per E-Mail **(bicherbus@bnl.etat.lu)**
Um Internet ënner:
**https://cutt.ly/ewKPTuE**
Org.: Kulturministère

## 2/6
### Marché mensuel
Pétange – place du Marché
De 8h00 à 13h00
Org. : Association des professionnels des foires et marchés asbl

## AUSSTELLUNGEN / EXPOSITIONS

Kulturhaus « A Rousen »
Place du Marché zu Péiteng

### Anita Derume
### Du 6 au 9 mai

Exposition ouverte de 14h00 à 18h00
Entrée gratuite
Org. : Syndicat d'Initiative et de Tourisme de la Commune de Pétange






❝ *Dans le cadre de la **Journée Internationale de la Femme**, le Conseil National des Femmes au Luxembourg avait organisé l'action «Les rues au féminin», une idée reprise par la Commission de l'égalité des chances de la commune et adoptée par le collège échevinal de Pétange qui a décidé de «renommer» au cours du mois de mars quatre rues et place avec le nom d'une femme influente du pays.*



❝ *Obwuel keng Kapesëtzungen, keng Baler a keng Kavalkad dëst Joer um Fuesprogramm virgesi waren, huet de Wand awer ganz staark geblose bei de Prënzen a Prinzessinnen, déi sech dëst Joer eng ganz speziell Iddi afale gelooss hunn: **Fueskichelcher** baken an de Leit hir Bestellung heem féieren. Eng helle Wull Aarbecht gouf et duerch déi ganz vill Commanden, ma eng Aarbecht, déi net nëmmen de Bäcker vill Freed gemaach huet.*














*Am Brezelsonntag, der Tag, an dem in Petingen der jährliche Karnevalsumzug stattfindet, blieben die Straßen zwar leer, doch eine Narrensaison ohne Höhepunkt, das war unmöglich. Dafür sorgte die* ***Kölner Kultgruppe „Brings“,*** *deren Drive-In-Konzert auf dem Carena-Standort in Petingen zahlreiche Fans von nah und fern angelockt hatte. Der Abend bleibt wohl unvergessen, denn es war wortwörtlich „en superjeile Zick“!*







*Enn Februar hat d'Organisatioun „Fir e gudden Zweck Gemeng Péiteng asbl" de Conseiller Roland Breyer agespaant fir d'Aktioun* ***„Hierken, emol anescht"*** *op d'Been ze stellen an esou e bësse Spenden ze sammele fir de gudden Zweck. Op Bestellung konnten d'Bierger hir frësch Hierke mat Gequelltener an engem Dessert bei sech doheem genéissen. Reklamatioune goufen et keng, et schéngt also gutt geschmaacht ze hunn.*



***Buergbrennen 2021,*** *dat war schonn e bëssen anescht ouni d'Bierger, ouni e klengt Fest fir de Wanter ze verdreiwen an déi méi schéin Deeg anzelauden. An dach, si huet gebrannt. Dofir hunn d'Scoute vu Péiteng an d'Amicale Nidderréideng zu Rodange gesuergt. Wuel just am klenge Krees, awer mat deemselwechten Engagement fir dës flott Traditioun ze erhalen. Iwwerdeems haten d'Pompjeeën zu Rolleng Glühwäi virbereet, deen si op Bestellung an enger flotter Fläsch heem geliwwert hunn.*








*Pas de Cavalcade dans la capitale luxembourgeoise du carnaval ? Impensable ! Le KaGePe avait, pour l'occasion, repris l'idée d'un cortège carnavalesque en miniature filmé au Centre sportif Bim Diederich à Pétange grâce à l'engagement des associations locales participantes. Et, cerise sur le gateau, une compilation de sketchs, musique et danse , – «* ***De Péitenger Wand doheem – e karnevallëschtege Sammelsurium*** *» – fut diffusée sur internet ainsi que sur Facebook et le site web du KaGePe.*





*D'Buergermeeschtere vu Péiteng a Käerjeng hu viru kuerzem de Minister Henri Kox an eng Vertriedung vun der Direktioun vun der Police empfaang fir iwwer* ***d'Zesummeleeë vun deenen 2 Kommissariater*** *an de jeweilege Gemengen ze diskutéieren. Vu besonneschem Interesse war dobäi d'Propositioun, d'Police zesumme mat dem Rettungsdéngscht op der Lenger Strooss ze installéieren. „Affaire à suivre...“*







*Op Initiativ vun der Péitenger Gemeng, der Chambre de Commerce an der Plattfrom 'Letzshop' waren déi lokal Geschäftsleit a Gastronomiebetriber an e* ***Workshop*** *invitéiert ginn, wou si Informatiounen zu zwee groussen Theme kruten. Engersäits déi finanziell Hëllefe fir Betriber – och aus dem Horesca-Secteur – an anersäits d'Virdeeler vum Online-Verkaf iwwer 'Letzshop' fir déi lokal Geschäftswelt. Schued, datt net méi Commerçanten sech dofir interesséiert hunn an dësen dach schwieregen Zäiten.*

# NEI CONSEILLÈRE VEREEDEGT

De 25. Januar war dem Josette Conzemius-Holcher seng lescht Gemengerootssëtzung an der Péitenger Gemeng. E ganzt Jorzingt huet hatt d'Interesse vun de Bieger a Biergerinne vertrueden. Ma et war elo Zäit, esou huet hatt gemengt, fir enger jonker Persoun de Virrang ze loossen.
Knapp e Mount méi spéit, den 19. Februar 2021, gouf dunn d'Maria Agostino als nei CSV-Gemengeconseillère vum Buergermeeschter Pierre Mellina vereedegt.



## AKAAFSBONGE BIS ENN JUNI GÜLTEG

Am Dezember 2020 ass jo bekanntlech d'Rentnerfeier ausgefall. Amplaz vun engem gemittlechen Nomëtteg zesumme kruten all déi Leit, déi sech ageschriwwen haten, e Bong am Wäert vu 25€ geschéckt, deen si an deene Geschäfter, déi an der Gemeng matmaachen, kënen aléisen. Am Schäfferot gouf elo entscheet, datt déi Bonge bis den 30. Juni 2021 gülteg bleiwen!

## BONS D'ACHAT VALABLES JUSQUE FIN JUIN

En décembre 2020, la Fête des crédirentiers a dû être annulée en raison de la crise sanitaire. Au lieu d'un après-midi de détente, les personnes qui s'étaient inscrites auparavant ont reçu un bon d'achat de 25 € qu'ils peuvent utiliser dans des commerces participants de la commune de Pétange. Le collège échevinal a décidé que ces bons sont désormais valables jusqu'au 30 juin 2021 !






De bus ka fir d'Akafen, fir e Rendez-vous beim Dokter, fir administrativ Demarchen a fir aner kuerz Fahrte benotzt ginn.

Deelt eis einfach Ären Depart an Är Destinatioun, d'Zuel vun de Passagéier an d'Auerzäit vun Äre Rendez-vousen oder Uschlossméiglechkeeten, déi Dir musst respektéieren, mat.

De bus deckt de ganzen Territoire vun der **Péitenger Gemeng** of, a fiert och nach an de **CHEM** zu Nidderkuer, bei de **SERVIOR** zu Nidderkuer, bei de **Club Senior Prënzebierg** zu Déifferdeng an an de **Cactus op Bascharage**.

**De bus fiert**

**vu Méindes bis Freides**
**vun 08:00 bis 20:00 Auer**

## Wie ka matfueren?

**D'Awunner aus der Gemeng Péiteng, déi eng vun dëse Bedingungen erfëllen, kënne vum Service profitéieren:**

- ✔ Leit vu 65 Joer un
- ✔ Persounen, déi eng Invaliditéitskaart hunn, déi vum Innenministère ausgestallt gouf
- ✔ Persounen, déi vun der Fleegeversécherung profitéieren
- ✔ Anwunner mat enger zäitweileger Invaliditéit oder Immobilitéit
  (eng Attestatioun vum Dokter ass virzeweisen)
- ✔ Fraen an aner Ëmstänn
  (eng Attestatioun vum Dokter ass virzeweisen)

## Wéi kann en den bus bestellen?

D'Reservéierung ass spéitstens 1 Stonn virum Depart via dës gratis Telefonsnummer méiglech:

**✆ 8002 20 20**

Gitt w.e.g. bei der Reservéierung Äre geneeën Depart, d'Destinatioun, d'Zuel vun de Passagéier esouwéi d'Rendez-vousen un, déi ze respektéiere sinn.




**2€**

## Wéivill kascht en Trajet?

**Einfachen Trajet 2 €**
D'Billjeeë kënne beim Chauffeur bezuelt ginn.

**Carnet mat 11 Billjeeën 20 €**

Et besteet d'Méiglechkeet, Poussetten, Rollatoren, Rollstill, oder Véloen (sous Réserve) ze transportéieren.

Fir d'**Kanner bis 11 Joer**, déi eng Persoun begleeden, déi berechtegt ass, de bus ze benotzen, ass den Transport **gratis**.

**Weider Informatiounen erhal dir hei:**
www.flexibus.lu, www.petange.lu
E-mail: zentrale@flexibus.lu, Telefon: 8002 20 20

**✆ 8002 20 20**
GRATIS NUMMER

**flexibus.lu**

*Service operated by* ***Voyages Huberty***




## GEWËNNSPILL – CONCOURS

Dir wëllt déi lokal Geschäfter ënnerstëtzen?
Dir wëllt en Akaafsbong am Wäert vu 25€ gewannen?
Ma da schéckt eis en E-mail op events@petange.lu mam Vermierk
„Ech ënnerstëtzen d'Geschäfter aus der Péitenger Gemeng"
Awer opgepasst! Déi éischt 5 si vir!

## RPL TV





### Wat gëtt et Neies an der Gemeng?

**Vum 15. Abrëll bis de 15. Mee** ginn aktuell an och historesch Reportagen um Péitenger Fernsehkanal gewisen. D'Emissioun gëtt ausgestrahlt um 18.30 Auer an och um 21 Auer. Um Programm vun der Emissioun stinn ë.a.:

– Wat war lass (Concert Brings, Reunioun mat der Police)
– Reportage iwwer POA (Péiteng on air)
– Fotoreportage: Geschicht vun der Eisebunn an der Gemeng Péiteng
– Virstellung vun der Lingerie Wolf an der Etoile Boutique
– Retro: Inauguration Rüb7 vum 14.05.2009

Vill Spaass beim Kucken!






Schéckt eis eng Foto mat Localisatioun
vum schéinste Bam bei Iech an der Regioun!

*Envoyez-nous une photo avec localisation du plus bel arbre dans votre région!*

*EisBeem.AS@anf.etat.lu*
*Tél.: +352 247 – 56783*

*EisBeem@petange.lu*
*+352 50 12 51 – 2030*

administration de la nature et des forêts

pétange
MOTIVATION COMMUNE